N°3307
Entrée le 22.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Direction de la protection des
consommateurs

**Äntwert vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 3307 vum 8. Dezember 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

*1. Wéi eng staatlech Verwaltung ass spezifesch dofir zoustänneg, d'Concordance tëscht dem affichéierte Präis am Rayon an dem effektive Scann-Präis an der Kees am Eenzelhandel ze kontrolléieren?*

D'Direktioun fir de Konsumenteschutz aus dem Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau ass fir d'Kontrolléiere vum korrekten Ausschëldere vu Präisser zoustänneg. Dobäi gëtt och kontrolléiert op de Präis an der Kees net méi héich ass, wéi deen deen am Rayon ugewisen ass.

*2. Wéi vill Kontrollen (Inspektiounen) goufen an de Joren 2023, 2024 an 2025 spezifesch an dësem Beräich duerchgefouert?*

*3. Bei wéi vill Betriber oder Geschäfter goufen an dësem Zäitraum (2023-2025) Verstéiss géint d'Präisindikatioun oder Differenzen tëscht Rayon- a Keeseepräis festgestallt?*

An de Joren 2023 bis 2025 goufe ronn 1.000 Geschäfter aus dem Eenzelhandel kontrolléiert.

| | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|
| Unzuel vu Visitten a Geschäfter fir d'Ausschëldere vu Präisser ze kontrolléieren) | 320 | 504 | 781 |
| Unzuel vu Geschäfter wou den Affichage vun de Präisser op de Produite gekuckt gouf | 266 | 312 | 377 |
| Unzuel vu Geschäfter déi gekuckt goufe well et eng Reklamatioun gouf zum Affichage vun de Präisser | 15 | 15 | 15 |
| Unzuel vu Geschäfter wou d'Präisser bei der 1. Visite net richteg affichéiert waren | 192 | 140 | 227 |
| Unzuel vu Geschäfter wou bei der 1. Visite en Test-Akaf gemaach gouf bei dem festgestallt gouf, dass op mannst ee Präis an der Kees méi héich wor wéi am Rayon ugewise | 10 | 3 | 9 |
| Unzuel vu Geschäfter wou op mannst eng Wo net korrekt op Null gestallt gouf, ma keen Test-achat gemaach gouf | 4 | 3 | 9 |
| Total vu Geschäfter wou op mannst ee Präis an der Kees méi héich wor wéi am Rayon ugewise | 14 | 7 | 18 |
| Dossieren déi un den OPJ weidergereecht goufen, well d'Präisser vu Produiten net richteg affichéiert waren | 189 | 21 | 22 |

*4. Gëtt et zu Lëtzebuerg eng gesetzlech toleréiert Feelerquot (Toleranzgrenz) bei Präisofweichungen bei enger Kontroll, oder gëllt de Prinzip vun der Null-Toleranz?*

Am Gesetz gëtt et keng Toleranzgrenz. De Präis an der Kees dierf net méi héich sinn, wéi deen deen am Rayon ausgeschëldert ass.

Duerch eng efficace Sensibilisatioun bei de Betriber ass et dofir meeschtens och net noutwenneg mat penalen oder administrative Strofen duerchzegräifen.

*5. Wéi héich waren d'Geldstrofen oder administrativ Sanktiounen, déi an de Joren 2023, 2024 an 2025 wéinst esou Verstéiss verhaang goufen?*

De Code de la consommation verlaangt Geldstrofe vun 250 € wann de Präis an der Keess méi héich ass wéi den affichéierte Präis am Rayon. D'Geldstrofe, kënnen nëmme vun der Police operluecht ginn. D'Agente vun der Direktioun fir Konsumenteschutz, déi Officier de police judiciare sinn, kënnen hirersäits en Dossier opmaachen deen un de Parquet weidergeleet gëtt. D'Ministesch fir Konsumenteschutz kann dem Betrib och eng Verwarnung schécken a mat enger Action en cessation viru Geriicht huelen.

*6. Ginn et spezifesch Handelssecteuren (z.B. Supermarchéen, Discount-Butteker, Kleedergeschäfter), déi bei de Kontrollen an de leschte Joren negativ opgefall sinn?*

D’Visitte vun der DPC hunn an de Joren 2023 bis 2025 follgend Secteuren ofgedeckt:

- 2023: Beauté, Ästhetik an Hygiène (Coiffeursalonen, Schéinheets- an Tattoo-Instituter, Parfumerien …), Bijouterien, Auerebutteker a Luxusmarken, Haushaltsapparater, souwéi Pneuen an Autosaccessoiren.
- 2024: Nei Geschäfter, Textilsekteur, Moto- a Motoaccessoirsbutteker, Campingsplazen an den HORECA-Secteur.
- 2025 hunn d’Kontrollen sech virun allem op traditionell Commercen, wéi Supermarchéen oder Geschäfter an de Stadzentre konzentréiert.

Dorauser ass ervirgaang, dass all Secteur seng eege Schwieregkeete mat verschiddenen Reegelen huet, ma et kann net dorauser geschloss ginn, dass d’Präisser generell net affichéiert géifen oder an der Kees méi héich wiere wéi dat wat ausgeschëldert ass.

Generell ass ze bemierken, dass d’Personal - dat sech ëm d’Präisser am Buttek këmmert – sech de Reegelen an de Konsequenze vun engem falschen Affichage dacks net bewosst ass. Dofir setzt d’Direktioun fir Konsumenteschutz op eng permanent Sensibilisatioun vun de Betriber. An deem Sënn ginn déi nei Butteker systematesch sensibiliséiert a kréien och op pro-pc.public.lu de *Guide fir de Professionellen* zur Verfügung gestallt.

*7. Wéi ginn d'Reklamatioune vu Konsumenten iwwer falsch Präisofrechnungen statistesch erfaasst an ausgewäert?*

D’Konsumente kënnen sech per Email oder Telefon bei der Direktioun fir Konsumenteschutz mellen. D’Agente vun der Direktioun ginn de Meldungen no a maachen dann och eng Visite beim betraffenen Buttek.

Lëtzebuerg, den 22/12/2025.

D’Ministesch fir Konsumenteschutz

(s.) Martine Hansen